

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2022

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, d'Madamm Justizminister, den Här Schoulminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

De Krich an der Ukrain léist och an der Lëtzebuenger Gesellschaft déif Emotiounen aus, deelweis och ganz negativer. Verschidde russesch Matbierger soen, datt si Affere vu politesch motivéierten Ugrëffer gi sinn, andeems si zum Beispill Haassmessaging an d'Bréifboîte geheit kruten. Et soll och schonn Tëscheffäll gi sinn, bei deene Leit kierperlech aggresséiert goufen, z.B. well si e russesche Virnumm hunn oder russesch geschwat hunn.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi eng Informatiounen huet d'Regierung zu Akte vu Russophobie an eiser Populatioun? Wéi steet d'Regierung zu dësen Virgänger? Gesäit si an dëser ugespaanter Situatioun e besonneschen Handlungsbedarf fir eis russesch Matbierger besser ze protegieren, zum Beispill ënner Form vun enger Sensibiliséierungscampagne?
- 2) U wéi eng zoustänneg Instanz kënnen déi betraffe Bierger sech adressieren?
- 3) Verschidde gëtt och rapportéiert, datt russesch Kanner an de Schoule speziell Problemer hunn, déi mat der Krichssituatioun zesammenhängen? Gëtt d'Léierpersonal op de Problem sensibiliséiert?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten